N°2152
Entrée le 26.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Elteren, déi hier Kanner an eng Crèche oder Maison Relais ginn, kréien eng finanziell Ënnerstëtzung vum Staat iwwert de Chèque-Service d'Accueil (CSA).

Wien säi Kand an eng ëffentlech Crèche schéckt, bezillt ee Präis, dee sech um Akommes vun den Eltere riicht. Dëst ass awer meeschtens just an ëffentlechen Betreiungsstrukturen de Fall, vun deenen et net genuch gëtt a wou d'Waardelëschten, jee no Gemeng, honnerte Kanner laang sinn. Hei leet de Staat maximal 6€/Stonn bei a vill Elteren bezuelen hei honnerten oder an de Schoulvakanzen souguer dausenden Euro, fir hir Kanner betreit ze kréien.

De 5te Mee 2022 war dowéinst an der Chamber den ëffentlechen Debat zur Petitioun n°2061 "*Ënnerstëtzung fir d'Elteren deenen hier Kanner NET an eng Maison relais ginn*". «*Wir werden nicht alle in den Maisons Relais aufnehmen können*», esou huet L'essentiel een Artikel vum 2te Juli 2022 getitelt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Kanner hunn 2023 an 2024 vum CSA profitéiert?
2. Wéi vill Euro leet de Staat an der Moyenne pro Kand an enger Crèche bäi (den aktuellsten Zuelen no)? Wéi vill an enger Maison relais?
3. Wéi hu sech d'Gesamtkäschten fir den CSA tëschent 2023 an 2024 entwéckelt?
4. Wéi vill privat gefouert Crèchen existéieren hei am Land a wéi vill Kanner waren 2024 a private Crèchen ageschriwwen?
5. Wéi vill ëffentlech gefouert Crèchen existéieren hei am Land a wéi vill Kanner waren 2024 an ëffentleche Crèchen ageschriwwen?
6. Wéi vill privat gefouert Maisons relaisen existéieren hei am Land a wéi vill Kanner waren 2024 an dësen ageschriwwen?
7. Wéi vill ëffentlech gefouert Maisons relaisen existéieren hei am Land a wéi vill Kanner waren

2024 an dësen ageschriwwen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2152 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

**Ad 1)**

Am Joer 2023 hunn 72.928 Kanner mindestens 1 Mount am Joer vum CSA profitéiert. Et waren 74.815 Kanner am Joer 2024.

**Ad 2)**

Am Joer 2024 huet de Staat an der Moyenne 9.864 € pro Kand an enger Bildungs- a Betreiungsstruktur fir kleng Kanner (0-4 Joer) bäigeluecht, a 4.393 € pro Kand an enger Bildungs- a Betreiungsstruktur fir Schoulkanner (4-12 Joer).

**Ad 3)**

De Staat huet sech am Kader vum CSA un der Finanzéierung vun de Käschte fir d'Betreiung vun de Kanner an de Strukture vun der non-formaler Bildung mat engem Montant vun 460 Mio. € am Joer 2023 bedeelegt. Am Joer 2024 waren dat 483 Mio. €.

**Ad 4)**

Am Januar 2025 waren 12.723 Kanner an 399 net konventionéierte Bildungs- a Betreiungsstrukture fir kleng Kanner ageschriwwen.

**Ad 5)**

Am Januar 2025 waren 5.361 Kanner an 129 konventionéierte Bildungs- a Betreiungsstrukture fir kleng Kanner ageschriwwen.

**Ad 6)**

Am Januar 2025 waren 3.428 Kanner an 119 net konventionéierte Bildungs- a Betreiungsstrukture fir Schoulkanner ageschriwwen.

**Ad 7)**

Am Januar 2025 waren 41.022 Kanner an 247 konventionéierte Bildungs- a Betreiungsstrukture fir Schoulkanner ageschriwwen.

Lëtzebuerg, den 29. Abrëll 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH